1-2020-O-J-6100-01 (n°8342)

adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Depot : Jeff Engelen

Lëtzebuerg, den 8. Dezember 2020

HA sur la stratégie de vaccination COVID-19 au Luxembourg

1

MOTIOUN

D'Chamber vun den Deputéierten:

stellt fest, **datt**

- **déi Covid-Impfstoffer, déi schonn um Marché sinn oder kuerzfristeg op de Marché kommen, alleguer eng staark verkierzten Zouloossungsprozedur duerchlaf hunn;**
- **besonnesch déi mRNA-Impfstoffer bis haut ni fir d'Uwennung bei Mënschen agesat an zougelooss goufen;**
- **weder eventuell Niewewierkungen nach méiglech Laangzäitwierkungen esou erfuerscht gi sinn, wéi dat am Normalfall bei der Zouloossung vu Medikamenter an Impfstoffer gemaach gëtt;**
- **eenzel Impfstoffer och nëmme fir Leit aus bestëmmten Alterskategorië gepréift gi sinn an och net fir vereenzelt Leit mat bestëmmte Risiken, wéi beispillsweis schwanger Fraen;**
- **déi verkierzten Zouloossungsprozedure selwer, wéi se an dësem Fall ëmgesat goufen, esou nach ni virdrun ugewannt an och ni validéiert gi sinn;**

ass sech bewosst, datt

- déi extrem beschleunegt Zouloossungsprozedure souwuel e sanitären wéi och e wirtschaftlechen Intressi hunn;

fuerdert d'Regierung op,

- mat gréisster Virsiicht an am Austausch mat allen nationalen an internationalen Institutiounen eventuell Niewewierkunge vun deenen Impfstoffer kuerz, an och laangfristeg ze kontrolléieren a bei deene geréngsten Niewenerscheinungen an/oder Zweiwel direkt ze reagéieren;
- dës Kontroll vun zweiwelhafte Virkommnesser an Niewenerscheinungen vun den Impfstoffer och international ze suivéieren an auszetauschen, an all Observatioun an déi Richtung iwwert e Monitoring der Ëffentlechkeet an aller Transparenz matzedeelen;
- sécherzestellen, datt vu kenger Säit Drock op d'Leit ausgeüübt gëtt - och net am Kader vun engem Aarbechtsverhältnes oder engem Déngschtleeschtungsvertrag -, fir sech impfen ze loossen, an datt d'Fräiwëllegkeet vun der Impfung dann och ouni direkt oder indirekt Nodeeler fir déi Persounen, déi keng Impfung wëllen, festgeschriwwe gëtt;
- ze garantéieren, datt d'Zouloossung fir Medikamenter an Impfstoffer, ausserhalb vun der Covid-Situatioun, nees deenen héije Standarden ënnerläit, déi virun der Kris gegollt hunn an datt dës Situatioun net genotzt gëtt, fir bewärt an aus guddem Gronn agefouert Sécherheetsprozeduren a klinesch Tester opzeweechen.

Jeff Engelen